**ADRenalin Grondsazprogramm**

D'ADRenalin ass d' Jugendorganisatioun vun der ADR a gehéiert wéi dës der europäescher Parteiefamill vun der ECR un a baut op de Grondwäerter vun dësen Institutiounen op. D'ADRenalin konstituéiert sech als liberal-konservativ Jugendbeweegung mam Respekt vum Rechtsstaat an dem gesondem Mënscheverstand als politesche Grondprinzip. Op där Basis bilden d'Fräiheet an d'Famill, mat hire jeeweilege Rechter a Fliichten déi zwou wichtegst Saile vun eiser Politik. D'Famill ass déi éischt Instanz vu Bildung an Erzéiung an déi lescht ekonomesch Instanz, wann een duerch all gesellschaftlecht Netz gefall ass. Si ka vun Natur aus net duerch de Staat ersat ginn an all Versuch esou eng Politik gewaltsam ze erzwéngen, wäert fatal Konsequenze fir eis Gesellschaft mat sech droen. D'Kanner sinn a bleiwen eis Zukunft, an aus deem Grond soll d'Thema Famill an Erzéiung och ausschliisslech vun der Famill selwer ausgefouert ginn.

De laangfristeg stabille Fonctionnement vun enger Gesellschaft setzt politesch Denken a Generatiounen amplaz a Legislaturperiode viraus. Fir datt mir eis héich Stellung um international kompetitiven Aarbechtsmarché kënne verdeedegen an ausbauen, reforméiere mir eise Schoulsystem sou, datt en dat individuellt Potenzial vun all Kand maximal fërdert a fuerdert.

Nieft der Méiglechkeet op eng optimal Ausbildung, läit déi héchste Flicht vun all Generatioun doran, d'Konsequenze vun hire Feeler net iwwert de Wee vun der Staatsverscholdung där nächster Generatioun ze iwwerloossen. Mir toleréiere keng onverantwortlech Budgetspolitik déi kuerzfristeg Wënsch zu Laaschte vun Drëtte finanzéiert. De Budget gëtt aktuell vu Volleksvertrieder gestëmmt, déi duerfir kengerlee privat Haftung iwwerhuelen. Mir verankeren d'Recht op eng populär Referendumsinitiativ iwwert de Budget vun de Gemengen, dem Staat an ëffentleche Groussbauprojete mat engem landeswäiten Impakt an der Verfassung, fir Deenen d'lescht Wuert ze ginn, déi mat hire Steieren duerfir astinn. Doriwwer raus gehéiert et zur Autonomie vun de Gemengebierger fir ze decidéieren, wéi wäit si hir gemeinschaftlech Uleies klassesch iwwert de Wee vum Gemengerot oder Direkt Demokratie entscheeden.

Mir sti fir eng strikt Trennung vun Asyl- an Awanderungsrecht. Den illegale Grenziwwertrëtt bedeit fir eis per se eng Strofdot déi automatesch zu enger Interdiction du Terroir féiert. Een deen zu Lëtzebuerg kriminell gëtt ouni legal hei gewunnt ze hunn, geet an deem Land an de Prisong, wou e fir d'lescht gemellt war. Wie politesch verfollegt ass oder aus engem Krichsgebitt flücht an d'Konditioune vun der Genfer Konventioun erfëllt, heesche mir häerzlech wëllkomm. Genausou all déi Leit, déi legal op Lëtzebuerg awandere fir sech hei aus eegener Leeschtung eng Existenz opzebauen.

Dee kënschtlech opgeblosenen, onkontrolléierte Wuesstem verstoppt eis Stroossen, dreift ëmmer méi Bierger an d'Wunnengsnout a féiert duerch déi massiv Inflatioun déi e verursaacht zur Veraarmung vu breede Gesellschaftsschichten. Mir sti fir de Wuesstem am klassesche Sënn vun ekonomeschen, technologeschen a wëssenschaftleche Fortschrëtt dee liberal mat klore Verantwortlechkeeten iwwert de Maart gesteiert gëtt a vun deem jiddereen dee sech dru gëtt, profitéiere kann.